Branchë sinn. Vun deenen 22 Branchë waren der 16 am Prinzip - ech soen am Prinzip - mat där neier Orientatioun d'accord, sechs Branchë waren net dermat d'accord, entre autres d'franséisch Sprooch.

Ech wëll awer och soen, dass ech d'Konferenz vun de Professere gebieden hunn, mer Propositiounen ze maachen, Avien eranzegi bis de 15. Juni, dass op Grond vun all deenen Avien, déi ech kréien, déi Grille nach eng Kéier gekuckt gëtt, an dann eng Positioun arrêtéiert gëtt.

Allerdings - dat ass esou, an dat iwwerrascht mech och net - si mir nach an der Diskussiounsphas, mä déi ass elo schonn op der Place publique. Jidderengem, dee Suggestioune mécht oder Kritiken ausübt, soen ech, et solle konstruktiv Kritiken dozou sinn, wéi een déi Grille am beschte kann agencéieren. Et kann net sinn, dass dat just eng Additioun vun alle Wënsch gëtt, well d'Zomm vun den Deeler ass jo ëmmer méi wéi e Ganzt, an an dat kënne mer net riskéieren eranzekommen.

Wann déi Grille fäerdeg ass, wäert ech domat och dann an d'Commission de l'Education nationale hei an d'Chamber kommen. Obwuel et e Règlement grand-ducal ass, muss légiféréiert ginn, well bei der Division supérieure muss fir d'éischt e Gesetz gemaach ginn. D'Grille horaire ass dann e Règlement grand-ducal.

Et ass ganz kloer, dass bei all Modificatioun, déi ee virhëlt, Leit net wäerten zefridde sinn, mä wa mer alles kéinten am Konsens maachen, da wier de Minister iwwerflëssig. Sécher ass, dass d'franséisch Sprooch eng ganz wichtig Sprooch ass.

Dofir ginn ech elo eng Instructioun eraus - am Primaire ass et geschitt, an am Secondaire geschitt et -, dass d'Langue véhiculaire während de Schoulstonne benotzt gëtt. Ech fannen et net admissibel, dass an deene Stonnen, wou misst Franséisch geschwat ginn, wéi zum Beispill Geschicht oder Geographie, d'Lëtzebuerger Sprooch benotzt gëtt. Ech weess, dat ass fir all d'Bedeelegt méi einfach, mä et ass net esou, wéi mer d'Kanner op d'Défie vu muer preparéieren, an dofir muss d'Langue véhiculaire benotzt ginn, an dat ass just an der Division supérieure d'Franséischt, an doduerch léieren d'Schüler och Franséisch.

Dann e lescht Wuert. Am Enseignement secondaire an am Enseignement secondaire technique: Déi Branche, déi déi meeschte Stonnen huet, wann ee vu 7ème bis 1ère a 7ème bis 13ème alles zesumme rechent, ass d'Franséischt, mat iwwer 4.300 Stonnen, gefollegt vun der Mathematik mat 3.500 Stonnen an dem Däitsche mat 3.400 Stonnen. Dem Franséische gëtt elo wierklech vill méi Importenz bäigemooss, an ech pochen drop, dass et och als Langue véhiculaire benotzt gëtt, well et ass eng wichteg Sprooch.

M. le Président.- Domat ass d'Froestonn ofgeschloss. Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Mir sollten no der Heure de questions iwwert déi Resolutioun ofstëmmen, déi d'Mme Wagener abruecht huet.

M. le Président.- Ech hat geduecht, de Vote zum Schluss vun der Sitzung ze maachen, mä mir kënnen en och elo virhuelen.

Ass d'Chamber domat d'accord, fir dee Punkt virzehuelen?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener, fir hir Resolutioun ze erklären.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Si huet dach schonn alles derzou gesot!

5. Résolution de Mme Renée Wagener concernant le projet de loi 4743

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Här President, fir d'éischt wéilt ech virausschécken, dass eng Interventioun zum Ordre du jour net datselwecht ass, wéi iwwer eng Resolutioun ze schwätzen. Den Här Fayot mengt, dat wär net kloer gewiescht, mä ech hu virdru ganz kloer erkläert, firwat dass ech déi Resolutioun nach eng Kéier op den Ordre du jour gesat hunn. Do sinn et jo Obstaclë ginn.

Zum Thema. Ech hu mat Interesse gehéiert, dass d'Mme Unterrichtsministerin iwwert d'Importenz vum Franséischen als Langue véhiculaire geschwat huet. Dat féiert eis direkt zu der Problematik vun deem neien Nationalitéitegesetz, iwwert dat meng Resolutioun, déi ech agereecht hunn, geet.

Dee Projet de loi iwwert d'Reform vum Nationalitéitegesetz ass, wéi virdru richteg gesot ginn ass, vum Här Justizminister scho viru fënnef Méint déposéiert ginn. Mir hunn den Avis vum Conseil d'Etat awer eréischt zënter dem 5. Mee, a mir hunn an Zäit vun zwou Wochen dräi Sitzunge gehat, wou mer déi Diskussiounen an der Commission juridique gefouert hunn, an u sech war domat den Débat op deem Niveau ofgeschloss.

Mir hunn an deene Sitzungen öfters derfir plädéiert, dass mer onbedingt missten hei e prinzipiellen Débat driwwer féieren, wéi en Accès et zur Nationalitéit gëtt an engem Land, . . .

Här President, ech waarde vläicht, bis et méi roueg hei am Sall ass.

M. le Président.- Dir hätt dee Punkt jo gär gehat, an dofir bieden ech lech, elo och nozelauschteren, wat d'Mme Wagener seet.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President.

...dat lues, mä sécher schéngt op eng Populatioun vu 700.000 hinzesteieren, woubäi bei deene 700.000 iergendwann d'Majoritéit net méi wäert d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Mir wäerten also eng Majoritéit vu Leit hei am Land hunn, déi fundamental Rechter, wéi zum Beispill dat, op de politesche Prozess um nationalen Niveau kënnen anzewierken, net wäerten hunn, an dofir menge mir, dass e breeden Débat sech opdrängt an een och soll am Ausland kucken, fir eventuell Expären unzeschwätzen zu där doten Thematik.

Mir si mat där Meenung, Här President, net eleng. Ech wéilt zum Beispill de Generalsekretär vun der CSV zitéieren, deen net méi spéit wéi den 31. Mee am „Lëtzebuerger Wort" geschriwwen huet, dass d'Fro vun der duebeler Nationalitéit eng ganz wichteg wär, an derniewent géif et nach eng ganz Rei aner Froe ginn, an e fiert virun: „Et il faut certainement aussi intégrer la notion de citoyenneté européenne dans le débat, mais une chose est claire: Il faut débattre de ces questions. Un pays qui cherche à définir son visage de demain et d'après-demain ne peut se permettre le luxe de ne pas discuter de ces questions."

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Mme Wagener, zitéiert och nach den Här Mosar derzou.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Den Här Mosar huet au contraire gemengt, mir hätten hei e ganz generéise Projet de loi virleien. Ech wäert duerno nach op déi Aschätzung vun der Situatioun zréckkommen.

Wéi gesot, mir deelen absolut d'Meenung - emol eng Kéier - vum Generalsekretär vun der CSV, well mir mengen och, dass deen Débat misst gefouert ginn. Mir hunn och festgestallt, an der Kommissioun, dass op Säite vun der DP eng Rei Leit net onbedingt - an hirem perséinlechen Numm - iwwert dee Projet de loi begeeschtert waren, zum Beispill wat d'Problematik vun der duebeler Nationalitéit betrëfft, an do Leit eng aner Optik haten.

Wéi gesot, deen Débat huet also net stattfonnt, an esou wéi et ausgesäit, wäerte mer virum Summer de Vote vum Projet hei virhuelen. Haut de Mëtte wäert de Conseil d'Etat säin Avis derzou finaliséieren.

Dat schéngt eis ëmsou méi absurd ze sinn, wéi mer eben haut eng Commission spéciale Immigration ageruff hunn, déi am Fong iwwert déi dote Froen entre autres soll schwätzen. Vun deene Froen, déi an deem Projet de loi enthale sinn, wéilt ech just dräi Haaptknackpunkten nennen:

- d'duebel Nationalitéit, déi ech elo schonn ugeschwat hunn, wou ee feststellt, dass eigentlech keen eppes dergéint huet, mä wou aus onerkläerleche Grënn d'CSV der Meenung ass, et wär nach ze frei, fir déi anzeféieren. Do kann ee sech also scho froen, ob dee Projet esou generéis ass, wéi den Här Mosar et gemengt huet;

- d'Condition linguistique: Dee Knackpunkt ass schonn hei ugeschwat ginn, an den Här Frieden huet virdru gemengt, am Accord de coalition wär ganz vague de Kader definéiert gi vun der Richtung, an déi et sollt goen. Ech wéilt zitéieren, wat am Accord de coalition steet: „Les règles relatives à l'acquisition de la nationalité luxembourgeoise seront modifiées. Dans le cas où les conditions de résidence pour être admis à la naturalisation sont aujourd'hui de 10 ans, la résidence obligatoire sera réduite à 5 ans." Et sinn duerchaus ganz prezis Elementer, déi scho genannt ginn.

Da geet et virun: „Les règles relatives à la naturalisation et à l'option seront harmonisées pour autant que possible. La naturalisation et l'option seront gratuites."

An dann: „La connaissance d'une des langues usuelles du Grand-Duché, luxembourgeois, allemand, français, sera exigée comme condition légale d'assimilation pour pouvoir accéder à la nationalité luxembourgeoise." Ech mengen, dass dat e ganz prezisen a kloeren Text ass, an ech muss mech wonneren iwwert dat, wat den Här Frieden virdrun hei gesot huet.

Elo stelle mer also fest, dass emol keng Dispensë virgesi si fir eeler Leit, wat déi Condition linguistique betrëfft, wat ee wierklech kann erstaune vu Säite vun de Majoritéitsparteien, vu dass mer bis elo am Fong e ganz anere System haten, wou mer ganz large mat där Fro ëmgaange sinn. An deem Sënn wäert sech do och ganz kloer eng Discriminatioun astellen, wat déi Leit betrëfft, déi elo schonn d'Nationalitéit kritt hunn, ouni mussen déi dote Konditiounen ze erfëlle par rapport zu deene Leit, déi am neie Regim vill méi schwiereg Konditioune wäerten hunn.

- Deen drëtte Knackpunkt ass dee vun der Optiounsméiglechkeet fir bestuete Koppelen. Dat huet eis ganz besonnesch erstaunt, nodeem mer virun e puer Wochen hei de Premierminister an der Regierungserklärung gehéiert hu soen, dass e wéilt op nei Weeër goen, wat aner Liewensforme betrëfft, dass een och

deenen onbestuetene Koppele misst méi Rechter ginn, well dat schéngt eis e flagrante Widdersproch ze sinn.

Dat sinn dräi vun deene Punkten, wou een, eiser Meenung no, wierklech hätt missen an d'Déift goen. Mir kéinten och nach iwwert d'Prozedur schwätzen, wou mir eis och ganz vill Froe stellen, oder iwwert d'Demandeurs d'asile, wéi eng Schwieregkeeten dass déi an där Prozedur hunn. Ech ginn elo net op déi Punkten an, mä ech kann awer feststellen, dass, wann all déi Froen esou gekläert ginn, wéi d'Majoritéit et virgesinn huet an et och elo an deenen Amendementer festgehale gouf, déi un de Conseil d'Etat geschéckt goufen, dat dann op eng äusserst restriktiv Aart a Weis geschitt. A wann da gesot gëtt, mir hätten e generéise Projet, da kann ech am Fong just staunen.

Wann d'Lëtzebuerger Populatioun, Här President, esou uwiisst, wéi ech dat virdru beschriwwen hunn, da wär et wierklech och fatal, fir dat esou duerchzezéien, wéi et elo geplangt ass, an dee System, dee mer am Fong haut schonn hunn, deen ee bal net anescht ka bezeechne wéi en Apartheidsystem, wou mer wierklech eng zwou-Klasse-Gesellschaft hu vun deenen, déi Rechter hunn, an deenen, déi keng Rechter hunn, géife mer nach domat virundreiwen an nach méi generaliséieren.

Dofir, Här President, déi Resolutioun, déi mer proposéiert hunn, dass déi Conclusioune vun der Commission spéciale Immigration sollen ofgewaart ginn, dass een dann an e puer Méint op Grond vun deene Conclusiounen de Projet soll iwwerkucken an hoffentlech, menge mir als Gréng, och soll revidéieren an iwwerschaffen, ier een dann a Richtung geet vum Vote vun engem Rapport an där Kommissioun an och vum Vote vum Projet hei am Plenum, e Projet, deen d'Integratiounspolitik zu Lëtzebuerg iwwer Jorzingte wäert bestëmmen.

Wéi gesot, Här President, fuerdere mir also an där Resolutioun, de Vote iwwert dee Projet auszesetzen an ze waarden, bis dass déi Commission spéciale „Immigration" Conclusioune produzéiert huet, fir déi kënnen an den Débat afléissen ze loossen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Gibéryen freet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, an der Conférence des Présidents hat ech dofir gestëmmt, dass dës Resolutioun sollt dës Woch op den Ordre du jour vun der Chamber kommen, well ech der Meenung sinn, datt et en elementaart Recht ass vun engem Deputéierten oder enger Fraktioun, fir kënnen esou eng Resolutioun zur Diskussioun ze stellen.

(Interruptions diverses)

Mä an der Conférence des Présidents war d'Majoritéit net domat averstanen, fir d'Resolutioun op den Ordre du jour ze setzen. Si ass et eréischt haut de Mëtten hei an der Chamber gewiescht, fir se op den Ordre du jour ze setzen.

Obscho mir mam Inhalt vun der Resolutioun net averstane sinn an och dofir déi Resolutioun net wäerte stëmmen, esou gëtt se eis awer d'Geleeënheet, fir eng Diskussioun ze féieren iwwert dat, wat vun de Kolleeginnen a Kolleege vun der gringer Fraktioun gefuerdert gëtt.

Wa mer kucken, wat am Fong an dëser Resolutioun verlaangt gëtt, wou steet „de reporter le vote": Et ass vun der Kommissioun an och d'lescht Woch vun der Regierung geäussert ginn, dass se dee Projet nach gär virun der Summervakanz um Ordre du jour hätten, mä ech mengen, wann d'Kommissioun, déi elo während Méint amgaangen ass, hir Aarbecht ze maachen, dee Rapport bis fäerdeg huet, da schéngt et mer dat Normaalst vun der Welt ze sinn, datt dee Projet och an d'Chamber kënnt, fir debattéiert an och gestëmmt ze ginn.

Wann dee Projet virun der Summervakanz fäerdeg gëtt - haut de Mëtte soll jo de Conseil d'Etat säin Avis ofginn -, da gesinn ech net an, firwat dass dee Projet dann net soll hei zur Diskussioun an zur Ofstëmmung kommen.

Dat Zweet, wat hei verlaangt gëtt, „de renvoyer le projet en Commission juridique": Ech ka mer net virstellen, Här President, dass d'Chamber kann e Projet an eng Kommissioun renvoyéieren, wou en am Abléck ass. Déi Kommissioun huet de Projet, en ass nach ni aus där Kommissioun erausgaangen, esou dass ech och net weess, wéi mer da sollen dee Projet an déi Kommissioun zréckverweisen.

An da gëtt verlaangt, dass op Grond vun där Kommissioun, déi mer de Mëtten hei agesat hunn iwwert d'Immigratioun, mer sollen d'Conclusiounen an d'Diskussioune vun där Kommissioun ofwaarden, ier mer dee Projet hei stëmmen. Wann ech mech awer gutt kann erënneren, wéi mer an der Conférence des Présidents geschwat hunn iwwert d'Asetze vun där Kommissioun, hat déi absolut näischt mat der Nationalitéitefro ze dinn, mä si huet a priori domat ze dinn, dass mer hei zu Lëtzebuerg an enger Rei vun ekonomesche Secteuren e Manktum u Personal hunn, dass ee sollt kucken, tëschent de Parteien e Konsens ze fannen, wéi een deem Problem kéint begéinen, datt nei Leit kéinten hei an d'Land kommen, wou mer déi géife siche goen, a wat fir enge Regioune vum Land dass een déi Leit géif usiedelen, wat dat fir Konsequenze fir déi Uertschaften oder déi Gemengen hätt,

alles wat domat zesummenhänkt, an dofir sollt eng Léisung fannen. Dat war den Haaptbut vun där Kommissioun. Dass een dat nach kann op aner Themen ausdehnen, schéngt mer eng normal Saach ze sinn, mä et huet näischt mat der Fro vun der Nationalitéit direkt ze dinn.

Et ass och vu gringer Säit aus gesot ginn, datt een en vue vun engem Lëtzebuerg vu 700.000 Leit oder méi misst déi Fro hei diskutéieren, well mer soss géifen de Risiko lafen, dass mer an enger Rei vu Joren e Land hätten, wou 2/3 net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hätten.

Ech wëll drop opmierksam maachen, dass ech bis elo der Meenung war, dass zumindest déi Gring net dee Seuil vu 700.000-800.000 Leit géifen ustriewen. Et schéngt awer, wéi wann och vun hirer Säit aus kee Problem wier, wann een déi Leit kéint esou séier wéi méiglech an d'Land kréien, an et ass anscheinend och kee Problem, fir en vue vun esou enger Evolutioun ze soen: Da musse mer d'Nationalitéitegesetz elo schonn änneren. Mir sinn op jidde Fall der Meenung, dass een déi Resolutioun an där dote Form net soll unhuelen, a mir lehne se of.

Prinzipiell wëll ech awer soen, zu deem Projet de loi iwwert d'Nationalitéitegesetz, deen hei diskutéiert ginn ass, dass déi éischt Versioun net d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun fonnt huet, wou just dra stoung, dass een eng vun deenen dräi Sprooche misst kënnen. Mir hunn och deemools reagéiert a waren am Fong frou, dass vu Regierungssäit de Projet amendéiert ginn ass, datt eben elo d'Lëtzebuergescht eng vun de Konditioune gëtt, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, quitte datt een dat muss och muss kënne beleeën.

Mir schéngt et, datt mer eng Integratiounspolitik iwwert d'Sprooch solle maachen, a wann ech mech nach kann erënneren, wéi mer virun engem Joer heibannen d'Debatt gefouert hunn iwwert d'Integratiounsschoul, du ware mer eis alleguer eens, dass d'Sprooch dee wichtegsten Integratiounsfaktor wär.

Wa mer also elo higinn a verlaangen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, dass een d'Lëtzebuerger Sprooch muss kënnen, da schéngt dat eis nëmmen dat Normaalst vun der Welt ze sinn. Wann dat net sollt de Fall sinn, géif esou e Projet eis Zoustëmmung net fannen, a mir géifen och selbstverständlech am Land Campagne géint esou e Projet maachen.

Dee Projet, deen elo virläit, geet an eng gutt Richtung, quitte dass een nach kann iwwert d'Formuléierung diskutéieren. Haut kréie mer jo och den Avis vum Conseil d'Etat.

Et gëtt gesot vun deene Gringen, si wieren net domat averstanen, wann d'Regierung seet, et wier e generéise Projet. Ech mengen net, wann een esou séier d'Nationalitéit kritt, wéi ee se no dësem Projet kritt, dass een an der Europäescher Unioun nach ee Land fënnt, wou een esou . . .

(Interruption)

Et huet elo grad ee gesot, an der Belsch wieren et nëmmen dräi Joer, mä trotzdeem wëllt kee méi Belsch ginn. Dat ass eng aner Situatioun.

Mir sinn hei am Land an enger spezifescher Situatioun, an ech mengen, mir hu schonn en Intérêt drun, fir drop ze insistéieren, dass d'Lëtzebuerger Sprooch garantéiert bleift, well d'Sprooch ass nun emol fir eis e wichtege Faktor fir d'Integratioun an och fir d'Nationalitéit. Dofir lehne mer dës Resolutioun of.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wier frou, wa mer eis erëm géifen un d'Reglement halen, net nëmme wat d'Zäit ubelaangt, déi eis fir déi eenzel Interventiounen zur Verfügung steet, mä dass mer och quant au fond zu deem schwätzen, wat hei usteet.

Den Här Gibéryen huet elo just d'Haltung vu senger Fraktioun zum Nationalitéitegesetz virgedroen. Mir hunn eng Resolutioun vun der Mme Wagener virleien, fir e Gesetz ze reportéieren.

(Interruption)

Et kann ee sech zwar tant soit peu un den Objet vun den Debatten halen.

Mir lehnen als Majoritéit déi Resolutioun hei of, well mer den enken Zesummenhank net gesinn, deen déi Gring hierstellen tëschent där Debatt iwwert d'Immigratioun, déi mer wëlle maachen, an dem Nationalitéitegesetz. Mir hunn d'Gesetz iwwert d'Nationalitéite preparéiert, mir hunn et laang diskutéiert, contrairement zu där Meenung, déi ëmmer geschürt gëtt, dat wier hei alles iwwert de Knéi gebrach ginn. Et gëtt zënter Wochen an der Commission juridique heiriwwer diskutéiert. D'Froe vun Integratioun a vu Sprooch si vun alle Säiten, vun alle Fraktiounen, an de Sëtzunge beliicht ginn, an deementspriechend menge mer, datt dee Projet räif wär.

Wa mer déi Debatt iwwert d'Immigratioun hei féieren, kënne mer eis virstellen, dass dat awer eng gewëssen Zäit brauch, bis mer an där Kommissioun zu Conclusioune komm sinn. Da wëll ech lech soen, dass mir d'Nationalitéit net ofhängeg maache wäerte vun der Fro, ob deemnächst, a fënnef, 10 oder 15 Joer, an deem Land hei 50.000 oder 100.000 Leit méi liewen.

Et gëtt aner Elementer, déi eng wichteg Roll spillen, an ech sinn domat d'accord, dass d'Gesetzer iwwert d'Entrée an de Séjour an iwwert d'Procédure d'asile nach kënnen am Kader vun esou enger Debatt eng gréisser Roll spillen. Ech mengen awer net, dass d'Immigratiounsfro am Kader vun der Nationalitéit eng gréisser Roll spillt, à moins dass een diskutéiert iwwert d'Fro vun der double nationalité, déi een an deem Kontext kann opwerfen, wou mir och bereet sinn, esou wéi de Generalsekretär dat geschriwwen huet, doriwwer ze diskutéieren, mä dat le moment venu, wa mer déi Debatt preparéiert hunn.

Dëst Gesetz ass fäerdeg. Rien n'empêche dass mer et stëmmen, a wa sech da Conclusiounen aus där Debatt iwwert d'Immigratioun a Bezuch op d'Gesetz iwwert d'Nationalitéit sollten erginn, da verhënnert näischt eis, le moment venu, fir dann dorunner Änderunge virzehuelen.

An deem Sënn proposéiert d'Majoritéit, fir dës Resolutioun ofzelehnen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Ripinger.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten och géint dës Resolutioun stëmmen, vläicht e bëssen aus anere Beweggrënn.

Et gëtt hei gefrot, dass de Vote iwwert de Projet de loi 4743 soll reportéiert ginn. Mir sinn där Meenung net. Mir wëssen, dass d'Regierung dëse Projet op hirer Prioritéitslëscht huet, an dat ass och richteg a gutt esou.

Et geet hei ëm e Gesetz, dat scho méi wéi 14 Joer en vigueur ass.

(Interruption)

Dir waart déi ganzen Zäit an der Regierung, Här Asselborn!

Mir ginn elo hin an änneren et doduerch, dass mer en Allégement vun de Konditiounen, fir Lëtzebuerger ze ginn, virhuelen. Wa mer dat Gesetz géifen opschieben, wa mer enger ganzer Rei vu Leit net géifen d'Méiglechkeet ginn, an deenen nächste Méint hir Demande ze maachen, géif ech dat eng ganz schlecht Saach fannen, well et fale jo Leit ënnert déi nei Konditiounen, déi also d'Méiglechkeet hunn, elo Lëtzebuerger ze ginn. Wa mer elo proposéieren, fir deene Leit eng Barrière virzesetzen, fir éischter kënne Lëtzebuerger ze ginn, da fannen ech dat e bësse farfelu. Dat heescht also, deene gi mer déi Méiglechkeet net, well mir wësse guer net, wéi laang déi Diskussioun, déi mer elo an där Spezialkommissioun féieren, dauert. Mir wëssen, firwat dass mer se féieren.

Den Här Gibéryen huet virdru gesot, wat d'Beweggrënn sinn, nämlech well mer um ekonomesche Plang mussen zréckgräifen op Leit, déi mer momentan zu Lëtzebuerg net hunn. Mir wëssen, dass mer bis elo nach keng Immigratiounspolitik zu Lëtzebuerg hunn an elo amgaange sinn, e Wee ze sichen an där Kommissioun. Besonnesch all déi Leit, déi ëmmer dergéint waren, dass mer sollte Spezialkommissiounen an der Chamber aféieren, sinn elo op eemol dofir. Et ass och gutt esou, dass mer dat maachen, mä mir wësse guer net, wéi laang déi Diskussiounen daueren, well et e ganz wichtegen, e ganz komplexe Problem ass. Mir hunn dat gesi bei der Regularisatiounsdiskussioun, déi mer hei haten, an et ass net, fir dat „aux calendes grecques" ze reportéieren, sondern dee Problem mat Seriö unzegoen. Wann een da misst laang waarden, well dat neit Gesetz iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit géif reportéiert ginn, da wier dat an eisen Aen onverantwortlech, an dofir si mir der Meenung, dass een dës Resolutioun net ka stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Här President, ech wëll am Géigendeel meng Zoustëmmung zu dëser Resolutioun bréngen, well ech kloer gesinn, dass et en Zesummenhank gëtt tëschent Immigratiounspolitik an Nationalitéitepolitik. All déi Länner, déi Immigratiounslänner sinn, gesinn och deen Zesummenhank a maachen den Zougank zu hirer Nationalitéit méi liicht.

Esou gëtt et net nëmmen d'Méiglechkeet a Kanada, fir no fënnef Joer d'kanadesch Nationalitéit ze kréien, mä d'kanadesch Regierung freet an drängt d'Leit drop, dass se déi Nationalitéit unhuele vun deem Land, an dat se ausgewandert sinn.

Hei gëtt elo d'Lëtzebuerger Sprooch als Hürd opgebaut fir den Zougank zur Nationalitéit. Zu engem Zäitpunkt gëtt da gesot: Mir erliichteren, well d'Residenzdauer erofgesat ginn ass. Déi war schonn 1986 erofgesat ginn. Si ass herno erëm, haaptsächlech op Drock vun der CSV, eropgesat ginn op 10 Joer, a grad déi, déi am Ufank vun der europäescher Integratioun, wou mer nach nëmmen zu sechs waren, fräiwëlleg op d'Lëtzebuerger Sprooch verzicht hunn, als Sprooch an der EG deemools, verlaangen elo, dass dat als Hürd opgebaut gëtt, fir den Zougank zur Nationalitéit ze erschwéieren.

Ech kann dat net matdroen, an dofir sinn ech der Meenung, dass mer den Zesummenhank musse maachen. Den Zougank zur Nationalitéit muss erliichtert ginn, well soss komme mer a kuwaitesch Zoustänn, wou mer keen Zesummenhank méi hunn

tëschent der Gesamtbevölkerung an dem Undeel vun der Bevölkerung, deen déi politesch Geschäfter am Land soll bestëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här President, ech hu perséinlech ganz vill Verständnis fir d'Démarche vun de Kolleege vun der grénger Fraktioun, déi hei en accord si mat deem, wat se bis elo dora vertrueden hunn.

Eis Fraktioun ass een anere Wee gaangen. Wéi mer gesinn hunn, wéi d'Amendementer an der leschter Réunioun ausgesinn hunn, wéi do ofgestëmmt ginn ass, hu mer décidéiert eis Positioun och a Form vun Amendementer eranzebréngen, aner Amendementer, well déi aner eis net duerginn. Mir hunn also de Wee gewielt, fir eegen Amendementer ze bréngen.

Mir ginn och d'Hoffnung net op, dass déi klor Positioun, déi mir do op eenzelne Punkte geholl hunn an déi sonner Zweifel méi wäit geet wéi dat, wat elo um Dësch läit, dass déi vum Conseil d'Etat kann aviséiert ginn, an dass eventuell och d'Commission juridique déi favorabel kënnt aviséieren. Mir hoffen dat zumindest.

Wann ech och Verständnis hunn an et och richteg ass, dass d'Immigratiounspolitik mat eraspillt, fäerten ech e bëssen, dass deen Débat relativ laang wäert daueren, an dass et vläicht grad esou gutt wär, et géing een zu dësem Zäitpunkt ofstëmmen. Mä mir kënnen eréischt jugéieren, ob mer kënnen derfir stëmmen oder net, deen Dag, wou mir de Gesetzesprojet do leien hunn a jee nodeem wellech Form en huet.

Mir bréngen elo eis Amendementer eran. Mir hu kee Problem, wann doriwwer ofgestëmmt gëtt.

(Interruption)

Här Weiler, Dir sollt net aus Ärem Glashaus eraus iergendee Stee werfen. Ech soen lech et. Et ass ee fromme Wonsch, deen ech lech einfach esou mat op de Wee ginn.

Dofir, Här President, wäerte mer eis heibäi enthalen, woubäi ech widderhuelen, dass mer Verständnis hu fir d'Démarche, well se am Aklang ass mat deem, wat déi Gréng ëmmer gesot hunn. Mä mir hunn een anere Wee gewielt. Mir hunn de Wee vun Amendementer gewielt an hoffen, dass déi ugeholl ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här François Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech muss eng Rei Korrekturen ubrénge vun där Duerstellung, déi hei gemaach ginn ass, wéi et zu där Spezialkommissioun „Immigratioun" komm ass, respektiv wat eigentlech geplangt ass an deem Kontext.

Ech wëll drop hiweisen, dass den Ursprung vun där Spezialkommissioun, déi elo an d'Haus steet, op eis Fraktioun zréckzeféieren ass, op eng Resolutioun vun der Mme Wagener, déi dat verlaangt hat am Kader vum Débat iwwert d'Sans-papiers. An nodeem mer an der Conférence des Présidents driwwer geschwat haten a Presenz vum Minister vun de Relatioune mam Parlament a vum Aarbechtsminister, huet den Här Biltgen an engem méi fundéierte Beitrag an der Kommissioun gesot, dass hie géing drop opmierksam maachen, dass et eigentlech net richteg wär, vu dat wat zu Lëtzebuerg usténg, fir dat do ze limitéieren op d'Fro vum Permis de travail. Hien huet gesot, e wär der Meenung, dass een eigentlech misst eng fundamental Debatt iwwert d'Immigratiounspolitik zu Lëtzebuerg féieren, an an där fundamentaler Debatt missten all Elementer, déi dozou gehéieren, mat afléissen, ob dat Logement wär, Schoul, aner juristesch Froen, d'Nationalitéitefro, an esou weider.

Ech hunn déi Positioun ënnerstëtzt, well dat eigentlech och d'Grondhaltung ass vun eiser Partei an hu gesot, dass dat eng gutt Iddi wär. Doropshi si mer zum Accord komm an der Kommissioun, dass mer déi Spezialkommissioun sollen asetzen, déi och e Rapport soll maachen, deen hei am Parlament soll diskutéiert ginn.

Et ass awer och fir eis als Fraktioun kloer, dass déi do Spezialkommissioun keng ass - an dat hunn ech och gesot an där Sëtzung -, déi während Jore soll tagen, well déi do Froe musse gekläert ginn, net an deenen nächste Joren, mä an deenen nächste Méint.

Mir wëssen alleguer, dass mer an der Zwëschenzäit hei zu Lëtzebuerg en drakonesche Mangel un Aarbechtskräften hunn. Dir hutt net méi spéit wéi an deene leschten zwee Deeg kënnen noliesen, dass d'Dexia, d'fréier Interbank, hir Informatikofdeelung an d'Industriebroochen an de Süde leet, wat begréissenswäert ass, mä d'Haaptargument ass net d'Industriebroochen, mä se soen: „Mir hu souwéisou zu Lëtzebuerg kaum Méiglechkeeten hei um Aarbechtsmaart ze recrutéieren, an dofir verleeë mer eis Filial direkt an d'Grenzregioun". Dat heescht, mir wëssen hoergenee, dass mer gezwonge sinn duerch d'Eegendynamik vun eisem ekonomesche Modell, an deenen nächste Méint konkret Neel mat Käpp ze maachen, eis eens ze ginn, wat mer wëllen.

Dofir ass fir eis och keen Argument gëlteg, dat elo seet, wa mer dat do géinge maachen, wat mir an

eiser Resolutioun verlaangen, da géinge mer dat opschieben op Sankt-Nimmerleins-Tag.

Den Här Gibéryen seet hei, hie géing feststellen, dass mir eis géingen offanne mat deene 700.000. Mir fannen eis als Gréng net domat of, mä mir sinn awer net naiv, Här Gibéryen; mir wëssen hoergenee, dass d'Eegendynamik vun eiser Ekonomie mécht, dass mir an deenen nächste Jore substanziell mat der Bevölkerung wäerten an d'Luucht goen, och mat den Aarbechtsplazen. Doriwwer eraus fannen ech, dass d'Fuerderungen, déi et am soziale Beräich gëtt, eis dat confirméieren, an dat wësst Dir och esougutt wéi ech, dass mer zumindest op déi Paragen zou histeieren, ob mer et wëllen oder net. Mir kënnen et just nach steieren, wéi mir et wëllen hunn, an dat ass dat, wat mir gären hätten als Gréng, an dofir wëlle mir déi Debatt hei seriö féieren.

Ech wëll och dem Här Rippinger soen, dass ech erstaunt sinn iwwert seng Argumentatioun, well ech wëll en drun erënneren, dass seng Fraktioun an der leschter Legislaturperiod eng Motioun matgestëmmt huet, wou dra stong: „... de fixer le principe d'un délai minimum entre le dépôt d'un projet ou d'une proposition de loi à la Chambre et sa délibération en séance publique."

(Interruption)

Dat war eng prinzipiell Motioun, déi hei ofgestëmmt ginn ass, déi Är Fraktioun mat ënnerschriwwen huet, déi eigentlech souguer verlaangt huet, dass eist Reglement misst geännert ginn.

(Interruption)

Här President, ech weess net, firwat den Här Weiler sech elo opreegt, wann dat hei awer näischt mam Sujet ze dinn huet, da froen ech mech, wat dann hei mam Sujet ze dinn huet.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Déi Gréng hu keng Riedezäit méi.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Här President, ech hu fënnef Minutte Riedezäit, an ech sinn elo op 4,15 Minutten. Ech zielen déi 15 Sekonnen Ënnerbriechung vum Här Weiler of.

M. le Président.- Nach 45 Sekonnen, Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Här President, den Här Weiler soll während där Zäit, wou hien een ënnerbrécht, d'Reglement emol e bësse léieren.

Ech sinn der Meenung, Här Rippinger, dass Der lech eigentlech un dat sollt halen, wat Der an der leschter Legislaturperiod, wou Der zwar nach an der Oppositioun waart, ëmmer hei mat verlaangt hutt.

Leschte Punkt. Och mir als Gréng sinn der Meenung, dass d'Sprooch e wichtegen Integratiounsfacteur ass. D'Fro, déi ee sech just stelle kann, ass: Wéi kënnt een do derzou? Wat een op alle Fall muss verhënneren, dat ass dat, wat am Lëtzebuerger Wort an am Télécran zu Recht an deene leschten Deeg stong, nämlech dass d'Sprooch en Integratiounsfacteur soll sinn an net en Exklusiounsfacteur. Dat ass eis Suerg, an dofir hätte mir gären eng öffentlech Debatt.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Déi kritt Dir jo och.

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Resolutioun, déi vun der Mme Renée Wagener abruecht ginn ass. E Vote électronique ass verlaangt.

Vote

Déi fir d'Resolutioun sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Resolutioun vun der Mme Renée Wagener ass mat 41 Stëmme géint 7 bei 12 Enthalunge verworf ginn.

Ont voté oui: Mme Lydie Err;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par M. Ady Jung), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen).

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Alex Bodry), MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Den Här Jeannot Krecké huet am Numm vun der

sozialistescher Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Lëtzebuerger Positioun vis-à-vis vum Ofkommes vu Kyoto ugefrot. D'Wuert huet den Här Alex Bodry als Vertrieder vun der sozialistescher Fraktioun.

6. Heure d'actualité demandée par le groupe POSL au sujet de la position luxembourgeoise en matière de l'Accord de Kyoto

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi international Ëmweltpolitik steet viru wichtegen Entscheedungen an dëser Woch. Um EU-Sommet vu Göteborg, respektiv an de Spëtzegespréicher tëschent dem amerikanesche President an den europäesche Stats- a Regierungschefe ginn d'Weiche gestallt fir déi zukünfteg Ausriichtung vu wesentlechen Aspekter vun der Ëmweltpolitik an Europa an doriwwer eraus.

Et ass eng entscheedend Phas fir den internationale Modell vun der nohalteger Entwécklung, déi mir als Sozialiste gesinn als en Zesummefaasse vun enger offensiver, op dem Virsuergeprinzip opgebautener Natur- an Ëmweltschutzpolitik, op der wirtschaftlecher Effizienz, dem soziale Fortschrëtt an der gesellschaftlecher Kohärenz.

Déi politesch Froen, de Klimaschutz, d'Nohaltegkeet, d'Entwécklung sinn den zentrale Punkt vun deem Sommet vu Göteborg an dat a Presenz vu Vertrieder vun der Lëtzebuerger Regierung. Dat war fir eis Fraktioun wichteg genuch, fir iwwert déi Lëtzebuerger Positioun an deenen do Froen an enger Aktualitéitsstonn ze diskutéieren.

Déi lescht Deeg hu sech an deem doten Zesummenhank ënner anerem d'Europaparlament an enger Resolutioun an och d'Ëmweltorganisatiounen, déi europäesch an déi national, Mouvement écologique a Greenpeace zu deem Thema geäussert an hunn eng Rei vun, wéi mir mengen, positive Virschléi abruecht.

Als LSAP-Fraktioun begréisse mer ausdrécklech, dass déi europäesch Kommissioun décidéiert huet, dem EU-Sommet zu Göteborg e Strategiepabeier iwwert d'nohalteg Entwécklung virzeleeën. D'Ausaarbechtung an d'Ëmsetzung vum Konzept Nohaltegkeet däerfen net eng Affär vun Initiéë bleiwen an exklusiv a sektorielle Ministerréit an Expäregremië behandelt ginn.

Déi Diskussioun ronderëm d'nohalteg Entwécklung gehéiert op d'öffentlech Plaz. Si muss méiglechst breet gefouert gi mat sämtlechen Acteuren, och an der Zivilgesellschaft, a si muss och op deem allerhéchste politeschen Niveau ugesiedelt ginn. Dofir ass et richteg, dass déi Diskussioun um Niveau vun den europäesche Stats- a Regierungschefe gefouert gëtt. Ech bedaueren allerdings am selwechten Zesummenhank, dass mer déi heiten Diskussioun mat der Lëtzebuerger Chamber net a Presenz vum Statsminister a vun der Ausseministesch féieren, déi eis op deem Sommet vertrieden, mä dass et den Ëmweltminister an de Statssekretär am Ëmweltministère sinn, déi traditionell déi dote Froe mat diskutéieren. Ech hätt et méi richteg fonnt, ganz klor, wann och de Statsminister an d'Ausseministesch sech e bëssen Zäit geholl hätten, fir déi Diskussioun am Virfeld vu Göteborg mat den Deputéierten zesummen ze féieren.

Et ass wichteg, dass den europäeschen Aktiounsprogramm fir d'Ëmwelt vun der europäescher Kommissioun integral an déi nohalteg Strategie iwwerholl gëtt. Dat ass net an alle Punkten de Fall. Do sinn Ofstrécher gemaach ginn an deem Text, deen zu Göteborg virläit. D'Deklaratioun vun den europäesche Stats- a Regierungschefen zu deem Thema stellt an eisen Aen awer e wichtege Beitrag duer zur Virbereedung vun der Rio-plus-10-Konferenz, déi am Joer 2002 zu Johannisburg soll stattfannen.

D'sozialistesch Fraktioun verlaangt, dass an Zukunft, ähnlech wéi dat am ECOFIN-Beräich an och bei den Aarbechts- a Sozialministeren de Fall ass, den Ëmweltconseil vun der Europäescher Unioun soll direkt un de Virbereedunge vun all Fréijorssommeten an der EU associéiert ginn. Dat do Thema vun der Nohaltegkeet däerf keng Eintagsfliege ginn, et däerf net en Thema sinn, wat eng Kéier op engem Sommet diskutéiert gëtt, mä déi Themen, déi fundamental an deem Dokument ugeschnidde sinn, muss een erëmfannen an deenen nächste Sommeten. Et ass wichteg, dass d'Beräicher vun der Ëmweltpolitik, vun der Nohaltegkeet gläichgestallt gi mat deem ekonomeschen an deem sozialen, well dat si jo déi dräi Feilere vun der Iddi vun der nohalteger Entwécklung. Mir sinn also der Meenung, dass muss e qualitative Spronk op europäeschem Plang gemaach ginn, wat déi do Froen ugeet.

Een integréierte secteuriwwergräifenden Ëmweltschutz an nohalteg Entwécklung däerfen net zu enger einfacher Flichtübung ginn, mussen also e permanent Uleies vun der Europäescher Unioun als Ganzt, awer och vun deenen eenzelne Memberstate vun der EU ginn, an et däerf net virkommen, wéi dat och zu Lëtzebuerg rezenterweis de Fall war, dass am Joer 2000 an der Deklaratioun vun der Regierung iwwert d'Lag vun der Natioun sech alles praktesch ëm d'Nohaltegkeet gedréint huet, an dat Joer drop, virun engem Mount, am Premier senger Deklaratioun, dat Wuert Nohaltegkeet net eng Kéier an deem laangen Text erëmzefanne war. Dat muss net sporadesch kommen, mä dat muss wierklech verinhaltlecht gi vu sämtlechen Acteure vun der Politik hei zu Lëtzebuerg,